



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Finanzen weiderzeleeden.

An der Fro Nummer 5904 hunn ech d'Ministesch op déi schwiereg Situatioun vu Persounen opmierksam gemaach, déi vun enger Zwangsandriewung vun der Steierverwaltung betraff sinn. Et ass allerdéngs esou, dass et och Leit ginn, déi net vun enger Zwangsandriewung betraff sinn, mee déi awer eng héisch Schold vis-à-vis vun der Steierverwaltung hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi vill Steiererklärungen vu Privatpersoune aus dem Joer 2019 a virdrun sinn nach net clôturéiert? Kann d'Ministesch dës Zuele pro Steierbüro opschlësselen?
2. A wéi ville Fäll gouf an deene leschten 10 Joer een Decompte vun der Administration des contributions directes (ACD) opgestallt, dee méi héisch wéi 50'000 € war?
3. A wéi ville vun dësen Fäll hunn déi Betraffen mat der ACD ee Plan de paiement opgestallt? Wat fir Zënsen ginn dee Moment gefrot a vun wat ass d'Héischte vun dësen Zënsen ofhängeg?
4. Wat fir Tauxen kréien déi Betraffen deen Moment ugebueden? Op Basis vu wéi enge Faktore kënnen dës Tauxen variéieren?
5. Am Fall wou een Decompte vun enger Steiererklärung fir Privatpersounen vun enger Réi Joeren zesummen gemaach gëtt, kann et zu Situatiounen kommen, wou Feeler vun de Contribuabel eréicht ganz spéit opfaalen. Feeler, déi déi Persounen éischer hätte kënnen verbesseren, wann den Decompte éischer komm wier.

Wéi geet d'Verwaltung mat dësen Fäll ëm? Gesäit d'Ministesch hei eng Matverantwortung vun der ACD?

6. Am Fall, wou een Decompte vun méi Joeren zesummen gemaach gëtt an héisch Montant nozebeziele sinn, kann et zu prekäre Situatiounen fir déi betraffe Persoune kommen.



www.piraten.lu

Wéi loossen sech esou grouss Zäitversetzungen am beschten vermeiden? Denkt d'Ministesch, dass hei weider Efforten neideg sinn, fir sécherzestellen, dass all Steiererklärung an engem raisonabelen Delai vun maximal 2 Joer clôturéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député

